N°2575
Entrée le 07.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.07.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Laut Medieberichter vum ukraineschen Noriichteportal "The Kyiv Independent" versicht Russland dat südostasiatescht Land Laos an de Krich géint d'Ukrain ze zéien. Den ukrainesche Militärgeheimdéngscht mellt, datt Laos bereet wier "bis zu 50 Experten" fir Entminungsaarbechten an d'Regioun Kursk ze schécken, fir russesch Kräften ze ënnerstëtzen.

Dës Informatioun ass besonnesch brisant fir Lëtzebuerg, well eist Land zanter Joren eng intensiv Entwécklungskooperatioun mat Laos ënnerhält. Zanter 2000 huet Lëtzebuerg iwwer 200 Milliounen Euro a Laos investéiert an och 2024 huet de Minister Xavier Bettel eng weider Kooperatiounskonventioun iwwer 3,3 Milliounen Euro ënnerschriwwen. Zudeem huet sech Lëtzebuerg mat UXO-Lao fir d'Entminnen staark gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Schrëtt ënnerhëlt de Ministère fir dës Uschëllegungen ze verifizéieren an huet Lëtzebuerg direkt bei de laoteschen Autoritéiten nogefrot?

2. Wéi gesäit de Ministère d'Relatioun tëschent dem humanitären Engagement vu Lëtzebuerg an dem Laos an der aktueller geopolitescher Situatioun?

3. Plangt de Ministère eng Iwwerpréiwung vun de lafenden Entwécklungsprogrammer mat Laos (aktuell PIC V mat 95 Milliounen Euro fir 2023-2027), wann sech dës Informatioune bestätegen?

4. Wéi eng diplomatesch Initiativen ënnerhëlt de Ministère fir sécherzestellen, datt déi Lëtzebuergesch Entwécklungshëllef net indirekt militäresch Aktivitéiten ënnerstëtzt?

5. Plangt de Ministère zousätzlech Konditioune fir d'Entwécklungskooperatioun mat Laos, fir sécherzestellen datt d'humanitär Valeure vu Lëtzebuerg respektéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten